



madder. Mee wa mer gären déi sozial Kris esou kleng wéi méiglech gestalten, wa mer gären dat alles offederen, wa mer gären d'Leit an der Aarbecht halen, wa mer och déi Leit, déi hir Aarbechtsplaz verléieren, an dëser Kris erëm gär géife fir en neien Job fit maachen, da musse mer an déi Richtung goen.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci dem Här Wirtschaftsminister Franz Fayot. Dëse Punkt ass domat ofgeschloss.

13. Motion de Mme Martine Hansen relative à la mise à disposition de toutes les données, modélisations et simulations de la pandémie Covid-19 (suite)

Mir kommen dann elo zur Diskussioun respektiv dem Vott vun där Motioun, déi am Ufank vun der Sitzung vun der Madamm Martine Hansen am Numm vun der CSV-Fraktioun deposéiert gouf.

Sinn do Wuertmeldungen do? Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Kënne mer iwwert dës Motioun à main levée ofstëmmen?

(Interruption)

De Vote électronique ass gefrot vum Här Roth.

Vote sur la motion

De Vott fänkt un. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Wien e Vote par procuration wëllt ofginn, dee soll d'Hand an d'Luucht hiewen, wannechge-lift.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dës Motioun mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc

Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

14. Ordre du jour (suite)

De Projet de loi 7603, dee fir en Donneschdeg virgesi war, ass an der Tëschenzäit fäerdeg. Ass d'Chamber d'accord, datt mer dëse Projet als leschte Punkt op den Ordre du jour vu muer Mëttwoch huelen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.


Domadder si mer um Enn vun der Sitzung fir haut ukomm. D'Chamber kënnt muer de Mëtten nees um zwou Auer zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

An alleguer déi, déi an der Santéskommissioun respektiv an der Justizkommissioun sinn, déi mussen heibleiwe fir eng Réunion jointe vun deenen zwou Kommissiounen.

Merci villmools.

(La séance publique est levée à 16.35 heures.)



SÉANCE 43

MERCREDI
17 JUIN 2020

Présidence : M. Fernand Etgen, Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Fernand Etgen, Président

2. 7588 - Projet de loi portant dérogation aux dispositions :

- 1° des articles L. 151-1, alinéa 1er, et L. 151-4, du Code du travail ;
- 2° de l'article 16 de la loi modifiée du 19 mars 1988 concernant la sécurité dans les administrations et services de l'État, dans les établissements publics et dans les écoles ;
- 3° des articles 6 et 17 de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés ;
- 4° des articles 22, 25, 26 et 28bis de la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse
- Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche : M. Gilles Baum
- Discussion générale : Mme Françoise Hetto-Gaasch - Mme Francine Closener - Mme Djuna Bernard - M. Fernand Kartheiser - M. David Wagner - M. Sven Clement
- Prise de position du Gouvernement : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse - M. Fernand Kartheiser (parole après ministre)
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

3. 7604 - Projet de loi portant dérogation :

- 1° aux chapitres 2 à 3quater de la loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale ;
- 2° à l'article 5 de la loi modifiée du 10 juin 1980 portant planification des besoins en personnel enseignant de l'enseignement secondaire
- Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche : M. Gilles Baum
- Discussion générale : Mme Martine Hansen - Mme Francine Closener - Mme Djuna Bernard - M. Fernand Kartheiser (intervention de M. Gilles Baum) - M. David Wagner

- Prise de position du Gouvernement : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

4. 7579 - Projet de loi portant dérogation à la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental

- Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche : M. Gilles Baum
- Discussion générale : Mme Martine Hansen - Mme Francine Closener - Mme Djuna Bernard - M. Fernand Kartheiser - M. David Wagner - M. Sven Clement
- Prise de position du Gouvernement : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse - Mme Viviane Reding - Mme Françoise Hetto-Gaasch (parole après ministre) - M. le Ministre Claude Meisch
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

5. 7603 - Projet de loi portant

- 1. dérogation temporaire à certaines dispositions en matière de droit du travail en relation avec l'état de crise lié au Covid-19 ;
- 2. modification du Code du travail
- Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale : M. Georges Engel
- Discussion générale : M. Marc Spautz - Mme Carole Hartmann - M. Charles Margue - M. Jeff Engelen - M. Marc Baum - M. Sven Clement
- Prise de position du Gouvernement : M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre ; M. Claude Meisch, Ministre.

(La séance publique est ouverte à 15.00 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech maa-chen d'Sitzung op.

Ech bieden direkt ëm Äert Versteesdemech, datt mer d'Sitzung mat enger Stonn Verspéidung ugefaangen hunn, well nach eng Kommis-siounssitzung war vun der Santéskommissioun zesumme mat der Commission de la Justice.

Le saviez-vous ?

AMENDEMENT

Un amendement est une proposition qui émane soit du Gouvernement soit d'un député et qui vise à modifier un projet de loi ou une proposition de loi lors de son examen en commission ou en séance plénière.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.**- Nee, Här President.

2. 7588 - Projet de loi portant dérogation aux dispositions :

- 1° des articles L. 151-1, alinéa 1er, et L. 151-4, du Code du travail ;
- 2° de l'article 16 de la loi modifiée du 19 mars 1988 concernant la sécurité dans les administrations et services de l'État, dans les établissements publics et dans les écoles ;
- 3° des articles 6 et 17 de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés ;
- 4° des articles 22, 25, 26 et 28bis de la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse
- **M. Fernand Etgen, Président.**- Mir fänken d'Sitzung vun haut de Mëtteg u mam Projet de loi 7588, enger Ofännerung vum Aar-bechtsrecht. Et hu sech schonn ageschriwwen:

d'Madamm Françoise Hetto-Gaasch, d'Madamm Francine Closener, d'Madamm Djuna Bernard, den Här Fernand Kartheiser an den Här David Wagner. D'Wuert kritt elo direkt de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Baum.

Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

► **M. Gilles Baum (DP), rapporteur.**- Merci fir d'Wuert, Här President. Kolleeginnen a Kollee-gen, no zéng Woche „Schoul doheem“ gouf et héich Zäit fir d'Reprise vum Presenzunterrecht. An de 25. Mee war dann dee groussen Dag, wou d'Kanner endlech nees zréck hunn däer-fen an d'Schoul goen. Vill vun hinnen hu sech op dee Moment gefreet a konnten et net erwaarden, hir Kolleegen an och hir Enseignanten erëmzegesinn. D'Schoulreentrée war souwuel fir d'Schüler wéi och fir d'Leierperso-nal e ganz wichtege Schrëtt a Richtung Norma-litéit.

Nieft de Schoulen hunn de 25. Mee awer och d'Betreiungsstrukturen hir Dieren nees opge-maach. Souwuel d'Maison-relaise wéi d'Crèche, d'Minigrèche an d'Assistants parentaux duerften hir Servicer nees ubidden.

Genau wéi an der Schoul goufen an dëse Struk-turen awer déi néideg Mesurë geholl, fir e maxi-male Schutz fir d'Gesondheet vun de Kanner a vum Personal ze garantéieren. Gestes barrières, ech mengen, dat ass mëttlerweil jiddwerengem heibannen an och dobaussen awer e Begrëff.

Duerch déi enk Zesummenaarbecht tëschent de Betreiungsstrukturen an de Schoule gouf e spe-zielle System ausgeschafft, fir d'Unzuel vun de Kanner, déi sech gläichzäiteg an engem Raum befannen, op e Minimum ze reduzéieren. Sou soll d'Gefor vun der Infektioun mam Coronavi-rus limitéiert ginn. D'Klasse goufen an zwou Gruppen agedeeelt, d'Grupp A an d'Grupp B. An den Unterrecht verleeft op Basis vun engem wëchentleche Wiessel vu Presenzunterrecht a Schoul doheem. Déi Wochen A, do sinn d'Kan-ner an der Schoul, an d'Woch B, dat ass eng Übungswoch, do si se dann entweeder an enger Betreiungsstruktur, wou se gehollef kréien an ënner Opsicht da kënnen schaffen, oder awer si maachen hir Aufgaben, déi se kritt hunn, fir dat, wat se geléiert hunn, ze verdéiwen. Dat däerfe se dann och doheem maachen.



Et ass gewosst, dass vill Elteren opgrond vun hirem berufflechen a familiäre Kontext an hirem Engagement net ëmmer d'Méiglechkeet hunn, hir Kanner selwer doheem ze betreiën. Während der B-Woch kréien d'Kanner also d'Méiglechkeet, déi fakultativ Étude surveillée ze suivéieren, déi an de Betreuungsstrukturen organiséiert gëtt. Vun aacht Auer bis eng Auer ënnerstëtzen dann d'Educateurs d'Kanner beim Léieren a beim Schreiwe vun hiren Hausaufgaben.

Och innerhalv vun de Betreuungsstrukturen dierfe sech d'Schülergruppen net kräizen. Dofir gi mëttes vun 13.00 bis 18.00 Auer zwou verschidde Gruppe fir den Accueil organiséiert. Déi Schüler, déi moies am Unterrecht sinn, fir déi gëtt den Accueil innerhalv vum Schoulgebai organiséiert. Déi Kanner, déi an d'Betreiung ginn an d'Maison relais oder bei d'Assistants parentaux, bleiwen och mëttes dann an där Struktur.

Dëse Projet de loi schaaft eng legal Basis fir d'Organisation vun der Kannerbetreiung fir d'Period vum 25. Mee bis de 15. Juli. Dësen Text baséiert sech op verschidden Derogatiounen, déi unhand vum Règlement grand-ducal vum 15. Mee geholl gi sinn. A well dës Derogatiounen awer nëmme während dem État de crise gëllen, brauche mer eng zousätzlech gesetzlech Basis, fir dës Mesurë bis un d'Enn vum Schouljoer, also bis de 15. Juli, ze verlängeren.

Duerch d'Opsplécke vun de Klassen ass och de Besoin un Educateurs vill méi grouss gi wéi virun der Kris. Fir de Manktum u Personal auszegläichen, huet den Educationministère decidéiert, op d'Hëllef vu Studenten zrëckze-gräifen. Dës sollen d'Educateurs an de Betreuungsstrukturen ënnerstëtzen. A laut de Virschrëfte vum Code du travail kéinten d'Studenten allerdéngs net fir dee geplangten Accueil rekrutéiert ginn. Eischstens därëf e Student maximal zwéi Méint pro Joer schaffen. An zweetens därëf de Student just während senger Fräizäit oder senge Vakanze schaffen.

Dëse Projet de loi proposéiert eng temporaire Derogatioun par rapport zum Code du travail, déi all Student betrëfft, deem iwwert d'Period vum 25. Mee bis de 15. Juli fir den Accueil extrascolaire engagéiert gëtt. An zwar soll dës Period net fir de Cumul vun de maximalen Aarbechtswoche vun zwéi Méint consideréiert ginn. Et wëllt een dës Studenten also och erméiglechen, während der grousser Vakanz nach kënne schaffen ze goen, falls si dat wëllen.

Wéi de Bildungsministère betount, sinn d'Tâche vun der Kannerbetreiung mat vill Responsabilitéit verbonden. A well d'Studenten op Basis vun hire Kontrakter just 80 % vum Mindestlohn verdéngen, wëllt en hinnen entgéintkommen a si brauchen deemno keng Steieren op hirer Pai ze bezuelen.

Nieft dem gréisseren Besoin u Personal brauche mer och vill méi Raimlechkeeten, fir e sécheren Accueil ze garantéieren. A fir schnellstméiglech nei Lokaler zur Verfügung ze stellen, proposéiert dëse Projet de loi zwou Derogatiounen, déi fir de Fonctionnement vum Accueil en alternance néideg sinn. Déi éischt Derogatioun gesäit vir, dass dës Lokaler direkt kënne benotzt ginn, ouni dass se virdru vun der Generalinspektioun gepréift gi sinn. An déi zweet Derogatioun betrëfft all déi Lokaler, déi ënnert d'Gesetz vun den Établissements classés falen an déi fir den Accueil en alternance agesat ginn. An dës Gebaier kënnen do déi néideg Émbauaarbechten, falls der ufalen, ouni prealabel Autorisation duerchgefouert ginn.

An engem leschten Artikel proposéiert de Projet de loi e puer Derogatiounen zum Gesetz iwwert de Chèque-service accueil. D'Kannerbetreiung fir de Rescht vum Schouljoer ass fir jiddweree gratis. D'Eltere ginn also hei vun hirem finanziellen Bäitrag um Chèque-service befreit. Normalerweis mussen d'Eltere fir d'éischt eng Demande d'adhésion maache bei hirer Gemeng, fir kënne vum Chèque-service ze profitéieren. Dëse Projet derogéiert allerdéngs zu där Prozedur: Déi Elteren, déi bis elo nach net vum Chèque-service profitéiert hunn, brauchen dat net extra ze maache fir d'Period vum 25. Mee bis de 15. Juli, fir un deem Programm deelzehuelen. An all déi aner Elteren, déi schonn e Contrat d'adhésion haten, deem ofleef tëscht dem 25. Mee an dem 15. Juli, gëtt dee Kontrakt automatesch verlängert.

Eng weider Ännerung betrëfft de Montant vun de staatleche Bähëllefren um Chèque-service. D'Berechnung vun dësem Montant muss un déi nei Horaire vum Accueil en alternance ugepasst ginn. Déi al Horairen, déi an de Kontrak-

ter vu virun der Kris festgehalé goufen, ginn net méi fir de Calcul berücksichtegt. Ausserdeem verbitt dëst Gesetz eng Hausse vun de Stonnentariffer. D'Betreiungsstrukturen mussen déi selwecht Tariffer ubidde wéi virun der Kris an därëf keng supplementar Käschte verrechnen.

Eng aner Derogatioun betrëfft d'Contrats d'éducation et d'accueil tëscht den Elteren an de Betreuungsstrukturen. All Kontrakt, dee virum 25. Mee ënnerschrifwe ginn ass, gëtt bis de 15. Juli ausgesat. Doduerch dierfen och keng Prestatiounen op Basis vun dëse Kontrakter fakturéiert ginn.

Zu gudder Lescht gesäit dëse Projet eng finanziell supplementar Hëllef fir d'Betreiungsstrukturen vir. Dës finanziell Ënnerstëtzung soll déi negativ Effete vun der Kris ausbalancéieren, déi eventuell während der Period vum 25. Mee bis de 15. Juli kéinten optrieden. Nëmme déi Strukturen, déi trotz der Reprise vun hiren Aktivitéiten eng Perte maachen, kënnen dës Hëllef ufroen. Eng weider Konditioun setzt natierlech viraus, dass kee Member vum Personal wéinst wirtschaftleche Grënn kann entlooss ginn.

Kolleginnen a Kollegen, am Kader vun der Schoulreintree war et der Regierung wichteg, d'Chancëgläichheet vun de Kanner ze garantéieren. Dofir huet de Ministère decidéiert, d'Kannerbetreiung bis de 15. Juli gratis ze maachen a soumat den Elteren och nach eng Kéier finanziell ënnert d'Äerm ze gräifen. All Kand soll d'Chance kréien, dëst Schouljoer sou gutt wéi méiglech ofzeschlëssen. An all Kand soll säi Schoulparcours ouni Retard an ouni Schued kënne fortsetzen.

Duerch déi exzeptionell Organisation vun de Schoulzäiten ass d'Nofro fir d'Betreiungsstrukturen natierlech an d'Luucht gaangen. A fir dësem gerecht ze ginn, hunn de Syvicol an d'Gemengen a kuerzer Zäit d'Raimlechkeete vun de Schoulen ëmstrukturéiert an zousätzlech Lokaler fir d'Betreiung vun de Kanner en place gesat. Am Numm vun der DP kann ech déi enk Zesummenaarbecht tëscht dem Ministère, de Gemengen an dem Syvicol nëmme luewen. An ech denken, dass se déi Herkulesaarbecht exzellent gemeeschtert hunn. E grouss Merci dofir!

An ech ginn och direkt den Accord vun der Fraktioun vun der DP zu dësem Gesetz.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Baum. Als éischte Riedner ass déi honorabel Madamm Françoise Hetto-Gaasch agedroen. Madamm Hetto, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV).** - Merci, Här President, fir d'Wuert. Merci awer virun allem och dem Rapporteur Gilles Baum fir säi wierklech explizitte schrëftlechen an och mëndleche Rapport.

Wéi de Minister am Abrëll seng Iddi presentéiert huet, fir d'Klassen an A- a B-Gruppen opzespéckelen an déi zwou Gruppen och en alternance a Schouldeeg an Übungsdeeg opzesplécken, war hie sech warscheinlech, ech huelen emol un, der Komplexitéit vu senger Iddi nach net bewosst. Et louch och kee weider ausgeklüggelt Konzept um Dësch. A wat d'Schoul, de Syvicol, d'Schoulpresidenten, d'Leit vun de Maison-relais an awer och déi Gemengeresponsabel sech méi de Kapp zerbrach hunn, fir dat Ganzt och kënnen um Terrain ëmzesetzen, fir dann och déi A- a B-Gruppe souwuel an de Schoule wéi och an de Maison-relais kënnen ze trennen, fir A- a B-Bussen anzusetzen, sou dass déi zwou Gruppe sech net géife kräizen, wat sech méi Froe gestallt hunn.

Ëmmer erëm koumen och nei Consigné vum Ministère bäi. A wann et am Ufank geheescht huet, et sollt ee just versichen, d'Gesëchter an dee selwechte Grupp ze täselen - d'Schoulpresidenten hunn da ganz äifreg Lëschtchen opgestallt -, sou huet et eng Woch méi spët geheescht, et sollt een dach, wannechgelift, och nach duerno kucken, all déi Kanner an dee selwechte Grupp ze setzen, déi och ab 13.00 Auer géife Betreiung brauchen. Kloer, domadder konnt Personal agespuert ginn, mee dat, wat virdru alles schonn ausgeschafft gi war, dat war fir d'Kaz an et gouf nees bei null ugefaangen.

Dat alles hätt wierklech kënnen evitéiert ginn, wann e kloert Konzept dës le départ bei der Annonce vun der Reprise um Dësch geleeën hätt. Et war eng Navigation à vue. An et war e richtegen Challenge fir d'Schoulpresidenten, fir d'Maison-relais an och fir d'Gemengeresponsablen.

An elo liest een dann, dass de Minister eventuell déi lescht Wochen d'A- a B-Gruppen nees wëllt ofschafen. An do wäre mer natierlech frou, Här Minister, wann Der eis doriwuer kéint Kloeheet ginn a wann Der eis dann och kéint

soen, wat mat deene Leit geschitt, déi awer elo fir déi Übungswochen, déi jo dann am Fong geholl wäerten ewechfalen, extra agestallt gi waren.

Dat do elo just reng zum organisatoresche Volet. Elo wëllt ech awer eppes soen zu engem Theema, wat weider net ugeschwat ginn ass déi ganz Zäit: Dat ass d'Pedagogik. Well déi bleift hei total op der Streck!

Vertrauenspersounen, Bezuchspersounen, wat ass dat dann? Well elo hunn d'Kanner zum Deel mat ganz villen neie Gesichter ze dinn, mat ganz ville verschiddenen Intervenanten. Friemer assuréieren am Haff den Accueil. Si kennen d'Kanner net an d'Kanner kenne si net. Dat schéngt keen ze stéieren! Et war souguer eng Zäit vum SNJ virgeschloe ginn, dass d'Kanner och kéinten, wann Nout um Mann oder u Raimlechkeete wier, an déi aner Structure-d'accueil goen an do vun deene Leit encadréiert ginn, wann dat da misst sinn. Nach friem Leit, nach méi e frieme Kader, nach besser!

An da komme mer zu den Divergenzen, wat d'Bezuele vun de Studenten ubelaangt. D'Studenten, déi an der Maison relais mëttes intervenéieren, déi solle vun de Steiere befreit ginn, wéi mer elo héieren hunn, also speziell remuneréiert ginn. Soi-disant, well si fir den SEA (ndlr: Service d'éducation et d'accueil) eng empathesch a besonnesch responsabel Aufgab mat Mannerjäregen iwwerhuelen. A sengem éischten Avis hat de Conseil d'État sech och dorunner gestouss. Mee am zweeten Avis huet en dës „geste de faveur“ akzeptéiert als Erklärung.

Mir als CSV empfangen dat awer nach wie vor als eng Inégalité de traitement. Et gëtt dach bestëmmt och nach aner Studenten, déi an anere Secteure schaffen elo an der Covidkris, déi och responsabel an empathesch Aufgaben iwwerhuelen. Ech denken un den Hospitalier, un d'Altersheimer, mee virun allem awer och un d'Schoul, wou Studenten an den Übungsgruppen intervenéieren. Mir haten och gefrot an der Kommissioun, fir eng Oplëschung ze kréie fir ze vergläichen, wéi vill Studente mat deene selwechten Ofschlëss géife verdéngen, jee nodeem a wéi engem Secteur se tätég wieren. Mir sinn nämlech der Meenung, dass een à compétence égale och d'selwecht misst verdéngen. Bis elo hu mer déi Zuelen awer net geliwwert kritt.

An dann d'Kiischt um Kuch: Dee ganze Spaass kascht, laut Fiche financière, 590.000 Euro den Dag zousätzlech zum allgemenge Käschtepunkt vun der Schoul. Et ass bal net ze gleeven: am Ganzen 19 Milliounen! Just zum Verglach: Een Dag vun där A-a-B-Reprise kascht bal duebel sou vill wéi déi 350.000 Euro, déi de Landwirtschafts- a Wäibauminister gëschter als Direkthëllefren annonciéiert huet.

Mir si frou fir d'Kanner, dass se nees dierfen an d'Schoul goen. Mee mir sinn net frou, éischstens, wéi komplizéiert a wéi deier dat Ganzt ass, zweetens, wéi onkohärent an ongerecht och d'Remuneratioun vun de Studenten ass. An drëttsen si mir net frou, dass hei all pedagogesch Iwwerleunge carrement aus de Féiss geraumt si ginn, fir dat Ganzt mordicus kënnen duerchzesetzen.

Aus all dësen Ursaache wäerte mir als CSV eis bei dësem Projet de loi enthalen.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Madamm Hetto-Gaasch. Als nächste Riedner ass déi honorabel Madamm Francine Closener agedroen. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Francine Closener (LSAP).** - Villmools merci, Här President. Kolleginnen a Kollegen, den aktuelle Schoulsystem an A- a B-Gruppen, wéi en zanter dem 25. Mee an der Grondschoul praktizéiert gëtt, huet Auswierkungen op d'Organisation vum Accueil extrascolaire. Vu datt d'Gruppen net dierfen ze grouss sinn, goufen a ginn notament méi Personal a méi Säll gebraucht. Fir där Nofro nozekommen, gesäit dëse Projet eng ganz Rei vun temporären Derogatiounen zu besteeënde Gesetzter vir, wéi de Rapporteur dat exzellent erkläert huet.

Et ass scho ganz dacks gesot ginn, datt et net einfach war, fir dee ganze System op d'Been ze stellen. An ëmsou méi positiv ass et, datt déi verschidden Acteure sou gutt a sou effikass zesummege schafft hunn, souwuel wat d'Organisation vum eigentlechen Unterrecht wéi och vun der Übungswoch an natierlech och vun der Reprise vun de Betreuungsstrukturen ugeet.

Et war eng reell Erausforderung fir all déi Concernéiert: Kanner, Elteren, Enseignanten, Educateurs, Gemengen a Ministère. Duerfir ass et ëmsou méi flott, datt et den Ëmstänn entsprechend gutt fonctionéiert a jidderee sech eigentlech elo och gutt op dee System agestallt huet. An duerfir hoffen ech och, datt

dem Minister säi Virstouss, fir déi lescht zwou Wochen d'Schoul virun der Summervakanz warscheinlech erëm „normal“ funktionéieren ze loossen, datt dee Virstouss gutt iwwerluecht a mat allen Acteuren ofgeschwat ass.

Wann et gesondheetlech onbedenklech ass, fir de Kanner e weidert Stéck Normalitéit zrëckzeginn, wa se nees dierfen zesumme bei hiren Enseignant oder hir Enseignante goen, dann ënnerstëtze mir déi Initiativ natierlech. D'Kanner géife sech immens freeën, dorunner besteet keen Zweifel. Mir géifen dat also ënnerstëtzen, natierlech awer ënnert der Konditioun, datt a puncto Organisation a Logistik net elo nach eemol eng Herkulesaufgab op den Terrain duerkënnt, an der Schoul oder an de Betreuungsstrukturen. Ech denken an ech gi fest dervun aus, datt de Minister sech däers bewosst ass an dat och net wëllt.

Wann ech dat richtig gesinn hunn, da soll et jo awer op alle Fall bis zum 15. Juli bei den Horairen 8.00 bis 12.00 Auer respektiv bis 13.00 Auer bleiwen. An deem Kontext ass et menger Partei ganz wichteg, datt mer déi richtig Léieren aus dëser Kris zéien. An do ass absolutt iwwerleeswäert, ob een deem aktuellen Horaire an der Grondschoul net kéint esou oder esou änlech bäibehalen. Moies sinn d'Kanner konzentréiert. Déi zwou Pausen, déi elo bestinn, hëllefen, datt se och nach bis kuerz virun eng Auer derbäibleiwen. Den aktuelle Modell kënnt bei ville gutt un, virun allem bei de Kanner. An ëm si geet et jo schliisslech hei. D'Kanner mussen bei allen Iwwerleungen am Mittelpunkt stoen.

Jiddefalls kënne mir eis als LSAP e Modell vun enger moderner Ganzdagsschoul, wéi mer se schonn zënter Laangem fuerderen, ganz gutt virstellen: moies bis an de fréie Mëttag eran zesumme schaffen, zesummen iessen, fir dann nomëttes disponibel ze sinn, fir Sport, Kultur, vläicht och fir Nohëllefstonnen ze maachen. Et wär och net vu Muttwëll, emol méi genee ze kucken, wéi zäitgeméiss de Break vun zwou Stonnen tëscht 12 an 2 méindes, mëttwochs a freides nach ass, respektiv ob d'Kanner déi Paus appreciéieren, ob se an der Maison relais wierklech zur Rou kommen a sech dann nomëttes nach eemol bis 16.00 Auer kënne konzentréieren. Dat ass eigentlech scho bal eng rhetoresch Fro.

Vill Lycéëen, déi op de System vu Schoul tëscht 8.00 an 14.30 Auer inklusiv enger méi kuerzer Mëttespaus ëmgestallt hunn, hu jo eigentlech scho positiv Erfarunge gemaach. Mir sinn der Meenung, datt en änleche Modell fir d'Grondschoul duerchaus interessant kéint sinn, natierlech adaptéiert un d'Besoinen vun de méi jonke Kanner an a ganz enker Ofstëmmung mat den Experte vun der nonformaler Bildung.

Dat gesot, Här President, ginn ech zu dësem Projet de loi natierlech den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Closener. An da wier et un där honorabel Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Djuna Bernard (déi gréng).** - Merci, Här President, loosst mech domat ufänken, fir dem Rapporteur en häerzleche Merci ze soe fir säin exzellente schrëftleche wéi mëndleche Rapport.

Et gouf scho vill gesot. Ech wëll och elo net méi op den Detail agoen, mee ech wollt ervirsträichen, dass aus deem aktuelle Modell, och wann en aus enger Noutsituatioun eraus zustane kommen ass, definitiv och eng Rei positiv Léiere wäerte kënne fir eis gezu ginn, an zwar fir d'Zesummenaarbecht tëscht der formaler an der nonformaler Bildung, déi jo scho säit ville Joren iergendwou parallel niewentenee fonctionéieren, emol méi, emol besser an heiansdo och emol manner gutt vernetzt agéieren. An ech mengen, dass mat deem aktuelle System déi Zesummenaarbecht nach eng Kéier vill besser ka fonctionéieren an dass deem Iwwergang zuenee méi smooth an awer och vun de Ressourcen an de Raimlechkeeten hier besser matenee vernetzt ka ginn.

Dat ass, mengen ech, eng Léier, déi wichteg ass an där mer och sollten an Zukunft e Suivi ginn, grad wa mer kucken, dass mer vill Mënsche vu baussen agestallt hunn, fir hei ze agéieren, fir eng Nobereedung ze maache vun den educative Projekte vun Léieren, fir awer och nonformaalt Léiere matanzebezéien an de Bildungswee vun eise Kanner. Ech mengen, dass dat hei geschitt. An dat ass sécher eng luewenswäert Konklusioun, déi mer hei kënnen zéien.

Natierlech, a puncto Raimlechkeete si mer viru komplett nei Erausforderunge gestallt ginn. Och do ass ze begrëssen, wéi eng grouss Flexibilität grad um Gemengenniveau do war, fir Léisungen ze fannen, wou d'Kanner sech a méi



klenge Gruppe konnten zsummeffannen. An dat ass, mengen ech, och eng flott Konklusioun, dass een dat Léieren an de Prozess vum Zesummesinn och kann op ganz anere Plaze fannen, wéi zum Beispill och am Bësch, an der Natur, an dass een do och op eng flott Aart a Weis ka léieren.

Ech wollt nach ganz kuerz op d'steierlech Exemption fir d'Studenten aus der Kannerbetreuung agoen. Do kënnst de Staat enger Fuerderung vun der FEDAS no, eebe grad och, fir där Inegalitéit an de Paien iergendwou entgéintkommen. Dat ass ze begrëssen. An do muss een natierlech och kucken, dass een an Zukunft och bei de Studenten, déi natierlech am Schoulwiesen aktiv sinn, am SEA, déi Paiendiskrepanz, déi awer do present ass, muss um Schierm hunn. Wa mer an deem Beräich vun engem Sechunnäheren tëschent formaler an nonformaler Bildung schwätzen, ass dat sécher en Aspect, deen een och an Zukunft ka weider am A behalen.

Dass d'Kannerbetreuung gratis gött, ass, mengen ech, ganz positiv. Dat ass jo och eppes, wat mer an Zukunft och an der Koalition nach wëlle weider verlängeren a méi dauerhaft, méi nohalteg gestalten. An do zéie mer och elo hei schonn déi richteg Konsequenzen aus dëser Kris, fir d'Familljen och ze entlaaschten a fir et ganz kloer ze maachen, dass d'Kanner onbedéngt mussen erëm an d'Schoul goen an och mussen eng Betreuung kréien, e Suivi kréien, fir déi Retarden opzeschaffen, fir déi Inegalitéiten opzeschaffen, déi awer entstane sinn. A fir d'Wuel vum Kand ass dat, mengen ech, e ganz wichtige Schrëtt.

An deem Sënn ginn ech heimadde ganz gären den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Madamm Bernard. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt och ufänke mat engem grousser Merci un den Här Baum, deen eis hei dee Projet wierklech ganz am Detail erkläert huet. An ech wëllt vläicht zwou Virbemerkinge maachen an dann op dräi Punkten e bësse méi genee agoen.

Déi éischt Virbemerking ass: Dat heiten ass keen harmlose Projet an deem Sënn, datt en net och méi eng wäit Bedeitung hätt wéi nëmmen d'Éducation nationale. Hei gött per Gesetz agegraff a kontraktuell Relatiounen tëschent Privatleit a privaten, och net konventionéierten Entitéiten. Dat ass eppes, wat gerechtfertegt ginn ass an der Antwort op eng Question parlementaire, déi mer zu deem Thema gestallt hunn, mat dem Hiweis op d'Noutwendegkeet vun där Léisung elo an deem Kontext vun der Covidkris, well de Ministère eeben déi Optioun geholl huet, fir d'Kanner zrëck an d'Schoul ze huelen, wéi mer dat elo an deene leschte Woche gesinn hunn.

Mee geet dat duer? Kann de Staat dat mat deem Hiweis? An ech mengen, hei wär ee Beispill fir ze soen, et wär gutt, wa mer kéinten e Contrôle a priori vun de Gesetzger duerch eng Cour constitutionnelle hunn. Et ass heiansdo derwärt, déi Saache präiwen ze loossen. An dofir huet d'ADR ëmmer déi konsequent Position gehat, bei verschiddene Froen, déi vu grousser juristescher Portée kënnen sinn, sollte mer dat kënnen iwwerpräiwen, ier mer iwwer e Gesetz ofstëmmen. Et dierf net nëmmen eng Fro si vun der politescher Opportunitéit.

Ëmsou méi well de Minister jo och selwer déi Noutwendegkeet, déi e behaupt, vläicht net esou honnertprozenteg iwwerzeegend konnt duerleeën. Wivill Gewerkschaften, niewent eis natierlech elo an der Politik, mee wivill Gewerkschaften, wivill Acteuren um Terrain hu gesot: „Dat do ass net noutwendeg. Et gött aner Modeller, fir d'Schüler weider ze scolariséieren“?

An och deen Duerjerneen, deen entstanen ass an deen elo nach eng Kéier ënnerstrach gött duerch deen Abandon vun deem A-a-B-Modell, deen elo warscheinlech erëm op eis duerkënnt, weist eigentlech, wéi onkloer a wéi oniwverzeegend déi Argumentatioun vum Ministère an deene leschte Woche war.

Eng zweet Virbemerking, déi ech vläicht wëllt maachen, ass iwwert d'Roll vun de Familljen. D'Familljen, an dat wësse mer, hu vill Groussaarteges gelescht an deene leschte Wochen. Vill Groussaarteges! Well si hunn, niewent dem Léierpersonal, iwwert den Homeschooling d'Kanner ënnerstëtzt. Heiansdo ass dat eeben net méiglech gewiescht. Dat wësse mer. An do hu mir och als ADR gesot: „Et muss méiglech sinn, fir verschidde Kanner erëm ze scolariséieren, fir datt et eeben net kann zu Nodeeler kommen.“ Mee dat wor an der Reegel net de Fall.

An et ass eis opgefall, datt och an deenen Texter, déi mer presentéiert kruten - dat wor vläicht net einfach eng Lacune -, vun de Familljen, vun den Elteren eigentlech net méi rieds goug, mee vun de „représentants parentaux“ oder vun den „détenteurs de l'autorité parentale“. Mee dee Begrëff „Elteren“, dat ass anscheinend e Begrëff, mat deem dës Koalition e Problem huet. Mir hu keen!

(Interruption)

Mir hätte gär, datt d'Famillje gestärkt ginn. Et huet gefeelt. Et huet gefeelt! An de Staatsrot huet et och ervirgehuewen a senger Argumentatioun.

Et ass fir eis net iwwerraschend, datt d'LSAP de Mëtten hei hikënnt an da seet: „Mir hätte gär eng Ganzdagsschoul.“ Dat ass e Modell, do hu si natierlech d'Recht, dat ze fuerderen. Mee mir als ADR, mir soen: De Staat dierf net déi komplett Kontroll iwwert d'Kanner kréien!

Mir hätte gär, datt d'Famillje gestärkt ginn. Mir hätte gär, datt d'Kanner och kënnen mëtten, wann et geet, mat hiren Elteren zesumme sinn. Mir wellen net, datt d'Kanner dee ganzen Dag, wann eng aner Méiglechkeet besteet, mussen an der Schoul oder an engem Foyer och an enger anerer Struktur sinn. Mir hätte gär, datt déi Méiglechkeet vum Familljeliewe weiderbesteet. An dofir hu mir och déi politesch Konzepter wéi d'Elteregeld, wéi d'Stäerking vun der Famill. All déi Saache leien eis um Häerz. A mir soe kloer: De Staat dierf net d'Souveränitéit iwwert d'Kanner hunn, praktesch vu ganz kleng bis eebe spéider, wa se erwuesse sinn.

Et sinn dräi Punkten aus dem Gesetz, déi ech wëll kommentéieren. Dat éischt ass den Abandon vun de Sécherheitsiwwerpräiwungen. Dat ass eng Iddi, déi ass irresponsabel. Et kann een net higoen a soen: „Mir brauchen elo méi Plaz, dofir maache mer Ofstrécher bei de Sécherheitskontrollen op deene Plazen, wou d'Kanner solle versuergt ginn.“

Dat ass eppes, wat een aus praktesche Grënn ka verstoen, mee et ass irresponsabel! A mir wäerte sécher kee Gesetz matstëmmen, wou mer soen: „Do maache mer Ofstrécher.“ Et hätt ee sécher kënnen higoen an aner Forme vun der Kontroll nach kënnen ervirhiewen. Dat ass hei an deem Gesetz net ze erkennen. Et ass irresponsabel.

Den Engagement vu Studente wërft och vill Froen op. Wat ass hei genee d'Definition vum Student? Wéi eng Qualifikatiounen huet en? Wéi eng Sprooch schwätzt en? Mir hu ganz vill Leit engagéiert, de Ministère huet ganz vill Leit engagéiert. Et ass net ganz transparent, wien a wéi enger Kategorie engagéiert ginn ass, wéi eng Garantie gemaach gi sinn, wéi déi Leit iwwerpräift gi sinn, och wat hir Moralitéit ugeet, wéi eng Sprooch datt se schwätzen. Alles dat ass an eisen Aen och net kloer. An dobäi wësse mer, datt déi Leit net nëmmen elo d'Kanner empfänken oder esou, mee datt se och an anere Rôle mussen asprangen - ganz einfach, well esou vill Léierpersonal feelt, och well déi zum Deel vulnerabel sinn - an einfach do muss kënnen och agräifen. An dofir sinn all déi Froen vu Qualifikatioun vun deene Leit wichtig.

Eng lescht Bemierkung iwwert déi Fro vun der Steuerexemption. Do huet de Staatsrot och mat Recht gesot: „Dat ass eng Diskriminierung. Et geet net, datt déi eng Leit mussen Steiere bezuelen an déi aner net.“ An déi Argumentatioun ass wierklech alles aneres ewéi stéckhalteg.

Wivill Leit hunn Empathie gewisen, e besonnescht Verantwortungsgéif, och bei Mannerjärengen, am Gesondheessektor, op anere Plazen? An dat ass einfach als Argumentatioun net stark genug! Mir kënnen net eng Diskriminierung aféieren einfach opgrond vun enger verständlecher Revendicatioun. Et ass net, datt een dat net kéint novollzéien oder verstoen, mee de Staat muss och fir Gerechtegkeet suergen, Steiergerechtegkeet, net Diskriminierung!

Dat si jo Saachen, déi mer awer alleguer wëllen iergendwéi verdeedegen an héichhalen. An da kann een net op de Wee goen, fir esou punktuell Moosnamen ze huele mat enger Argumentatioun, déi geneesoch och op vill aner Kategorië vu Leit géif passen, déi besonnesch an deene leschte Woche Groussaarteges gelescht hunn, fir datt mer zesummen iwwert déi Kris ewechkommen.

Mir wäerten als ADR dësse Projet also net matënnerstëtzen a kloer, wéi eis Politik nun eemol ass, drécke mer dat och duerch en dättelechen Nee aus.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Kartheiser. An da wier et um honorabelen Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Merci, Här President. Ech mengen, ech wäert direkt domadder ufänken, fir e puer Wieder ze verléieren eeben iwwert d'Betreiungsstrukturen. Mir wëssen, zënter enger Partie Joren ass de Besoin u Betreiungsstrukturen phenomenal an d'Luucht gaangen. Mir als Lénk gesinn dat net esou, datt den Ausbau vu Betreiungsstrukturen gläichzesetze wär mat enger Kontroll vum Staat iwwert d'Kanner. Dat ass net d'Philosophie dovunner. Ech mengen, dat entsprécht enger Necessitéit.

Et ass awer natierlech esou, datt Leit, déi de Choix maachen, Kanner ze hunn, sech och ëm déi Kanner wëlle bekëmmern, well et wichtig ass, vill Zäit wëlle mat deene Kanner ze verbréngen, a well d'Kanner selwer och Zäit mat hiren Eltere wëlle verbréngen.

Dat ass awer hautzudaags net ëmmer esou méiglech. Dat huet domadder ze dinn, datt u sech d'Liewen ëmmer méi kascht, datt déi zwee Eltere gezwonge sinn ze schaffen, minimum aacht Stonnen den Dag, wann net méi, mat Iwwerstonnen, ouni och nach den Transport matanzebezéien, an datt se u sech guer keng Zäit méi hunn, fir sech ëm hir Kanner ze bekëmmern, respektiv datt se wierklech midd sinn owes, fir sech iwwerhaupt ëm hir Kanner ze bekëmmern. Da bleift vläicht nach e bëssen de Weekend iwwreg.

Do kann een natierlech soen: „Voilà, dat ass eeben den État des lieux, dat ass eeben déi Gesellschaft, an där mer liewen.“ Wou ëmmer méi Salariéen ëmmer méi musse schaffe - fir ëmmer mander Geld a Wierklechkeet - an ëmmer méi mussen erdroe kënnen an duerno hir Kanner net méi kënnen gesinn!

Dat mécht natierlech eng aner Diskussioun op: Wann een doriwwer wëllt diskutéieren, ob een Zäit huet, fir se mat senge Kanner ze verbréngen, da muss een iwwert d'Aarbechtszäitverkiezung diskutéieren. Da muss een awer och iwwert d'Paien diskutéieren. Wann de Papp en Aarbechter ass, wann d'Mamm Botzfra ass, se an onméigleche Konditiounen mussen schaffen, déi och nach dem Aarbechtsrecht op eng illegal Aart a Weis derogéieren, ouni datt de Staat iergendwéi richteg intervenéiert, wat awer d'Realitéit ass, an onméiglech Zäite muss schaffen, dann hunn déi guer keng Zäit méi fir hir Kanner.

Dorausser ergëtt sech e Business. Well mir hu jo gesinn, mat deem System och vun de Chèques, déi net vun dëser Regierung agefouert goufen, étant donné datt zu Lëtzebuerg déi éffentlech Betreiungsstrukturen ni ausgebaut goufen, mee étant donné, datt et awer e Besoin gött, dee ganz wichtig ass, sinn déi privat Betreiungsstrukturen wéi Champignons aus dem Buedem geschoss. An natierlech war duerno d'Antwort vun der Regierung fir ze soen: „Ma okay, mir subventionéieren dat!“ Dat heescht, de Staat, de Steierzueler, dee subventionéiert de fräie Maart!

Ech stelle mer eppes anescht ënner Liberalismus vir. Wa vill Leit iwwer Liberalismus schwätzen, dat ass et natierlech och net. Mee vu datt déi Betreiungsstrukturen esou deier sinn, da kann et net aneschtens goen. Et ass e richteg Business dorausser entstanen.

An ech mengen, wann déi Leit vun hautzudaags, zu eisen Zäiten, deemools regéiert hätten, wéi d'effentlech Schoul zu enger Generalitéit gi war, da wiere mer an enger Situatioun hautzudaags, datt mer och fir an d'Primärschoul ze goen haaptsächlech privat Infrastrukturen hätten, déi da vum Staat géife subventionéiert ginn. Dat ass glécklecherweis net de Fall.

Ech fannen dat nach ëmmer erstaunlech, datt mir als Lénk quasi déi Eenzeg sinn, déi sech dru stéieren, datt d'Betreiungsstrukturen hei am Land zum gréissten Deel privat sinn a vum Staat finanziert ginn. Dobäi misst et u sech esou sinn, datt se éffentlech wieren an datt dat misst d'Reegel sinn, déi grouss Reegel, wéi bei der éffentlecher Schoul, an datt se natierlech och misste gratis sinn. An ech hoffen, datt et awer och wäert an déi Richtung goen.

Et kann een iwwert de Käschtepunkt schwätzen. Jo, natierlech, de Käschtepunkt ass héich. Hätte mer natierlech e ganz breede Réseau, deen éffentlech wär, dann hätte mer an dëser aktueller Situatioun warscheinlech och e Käschtepunkt, well mir missten natierlech och zousätzlech astellen, wéi mer dat lo hei maachen an dëser Krisesituatioun. Mee e wär warscheinlech aneschtens ze moossen. An et géif och an der Rumm vun der Effentlecheit bleiwen.

Ech wollt dat erëm eng Kéier soen, mir hunn dat e puermol gesot. Ceci étant dit, et sinn e puer Froen zu deem Projet de loi, déi ee wierklech kann erhiewen, déi och erhuewe goufe vu Kollege virdrun. Mee mir mengen trotzdeem, datt et wichtig ass, deen elo awer unzuhuelen, datt mer kënnen sécherstellen, datt d'Kanner an der aktueller Situatioun kënnen betreit gi vu Leit, déi dann, wat d'Paien ugeet, mat der Libera-

tioun vun der Steier, wat d'Studenten ugeet, och nach korrekt do bezuelt ginn.

Voilà. Ceci étant dit, mir wäerten dat matstëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Wagner. Leschten agedroene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen, ier ech ufänken, iwwert dësse Projet ze schwätzen, wollt ech ganz kuerz op d'Umierkunge vum Educatiounsminister agoen, deen ugekënnegt huet, driwwer nozedenken, d'A- an d'B- Wochen erëm ofzeschaffen a fir déi lescht zwou Wochen all d'Schülerinnen an d'Schüler zesummen an d'Klassen ze ruffen.

De Moie konnt een um soziokulturelle Radio eng vu menge fréiere Proffen aus dem Lycée héieren, déi gesot huet: „Majo, dat ass eng gutt Propos, mee et ass net de Problem, deen d'Schülerinnen an d'Schüler am Moment hunn, an och net d'Léierpersonal.“ Et geet net drëm, sech onbedéngt erëm a méi grouss Gruppen ze gesinn, et geet drëm, iwwerhaupt erëm en normalen Unterrecht, oder méi en normalen Unterrecht kënnen ze hunn, sech erëm kënnen an d'Gesicht ze kucken, net gedämpft duerch Plexiglas oder duerch Masken, datt een d'Distanzen anhält, mee vläicht ouni Mask, oder vläicht mat Mask, awer ouni déi grouss Distanzen - déi nammlecht Reegelen, déi mer fir jiddwer aneren och hunn.

Ech mengen, datt et méi wichtig ass, e gutt Schoulhalen ze erméiglechen. An dozou gehéiert och, dem Léierpersonal an dem ganze Personal, wat d'Schoul encadréiert, d'Méiglechkeet ze ginn, e Plang ze maachen a mat deene Pläng dann och kënnen ze schaffen. An ech mengen, genau do ass d'Kromm an der Heck. Well wa mer elo nach eng Kéier fir zwou Wochen de Plang op d'Kopp werfen, da mussen erëm ganz vill Iwwerstonne gelescht ginn, fir déi Pläng ze arrangéieren. D'Personal muss sech reorganisieren, d'Léierpersonal, wat elo deelweis fräiwëleg Iwwerstonne mécht, fir op déi 25 Stonnen ze kommen. Falen déi zrëck an hir al Systemer? Maache se weider fräiwëleg Iwwerstonnen?

Bref, do sinn eng ganz Rëtsch oppe Froen, wou ech mer dach léiwer géif erwaarden, mir géifen déi Diskussioun op d'Schoulorganisatioun am September schiben an de Schülerinnen, de Schüler an dem Léierpersonal e gutt an dach en esou normal wéi méiglecht Enn vun dësem Joer erméiglechen.

Här President, mir hunn an deem exzellente Rapport, deen de Gilles Baum eis virgedroen huet, iwwer eng ganz Rëtsch Punkten an dësem Gesetz eppes héieren an duerfir wëll ech net op all eenzelne Punkt nach eng Kéier agoen, well ech mengen, datt ganz vill do scho gesot gouf. Ech plécke vläicht just zwou Saachen eraus.

Dat eent, dat ass sécherlech de Volet vun der Steuerbefreiung vun de Studenten. Ech deele sécherlech d'Suerg, datt dat eng ongläich Behandlung ass. Mee wann et eng ongläich Behandlung ass, da misst ee sech d'Fro stellen, ob et net nach ganz aner ongläich Behandlungen an deem System gött, wou Leit, déi déi nammlecht Schoulen hunn, awer duerch ënnerschiddlech Kontrakter engagéiert sinn, ënnerschiddlech bezuelt ginn an deementsprechend och ënnerschiddlech Charge-sociale bezuelen, ënnerschiddlech Steiere bezuelen an um Enn vun hirer Karriär mat enger ënnerschiddlecher Pensioun destinn, obwuel se eventuell 40 Joer genau déi nammlecht Aarbechte gelescht hunn.

Dat sinn och ongläich Behandlungen, iwwert déi ganz weéng Wieder verluer ginn. Mir sollten eis also hei elo wierklech net doriwwer opreegen, datt grad déi, déi am mannste verdéngen an deem System an déi mer gebraucht hunn, fir en anstänneg Schoulwiesen elo déi lescht Wochen iergendwéi oprechtzeerhalen, e klenge Bonus kréien. Ech wär och gespaant, ech hunn de genaue Montant net erausfonnt, op wivill sech dann déi Steiererlichterunge chiffrieren. Ech mengen, datt dat an deem ganze Projet hei sécherlech dee klengste Batz ass. Do kann de Minister eis jo vläicht herno e bëssen eppes nach derzou verzielen.

Wat ech och gutt fannen, an dat ass, mengen ech, déi zweet Mesure, dat ass datt mat de Chèques-services d'accueil. Ech fannen et gutt, datt mer hei eng séier, einfach a konkreet Léisung fonnt hunn, fir nach eng Kéier deene Leit, déi drop ugewise sinn, e bësse méi Netto vum



Brutto um Enn vum Mount ze loossen, an dat ganz ouni datt se sech Suerge mussen drëm maachen, wéi hir Kanner encadréiert sinn. Esou hu mer eng Kontinuitéit vun der Kannerbetreierung. An ech mengen, déi Kontinuitéit, esou wéi ech et bei den A- a B-Wochen ugeschwat hunn, ass eppes, wat mer sollte bis d'Enn vum Schouljoer bäibehalen, soudatt d'Elteren, déi déi Choix getraff hunn, net nei Choix mussen treffen.

Dat gesot, Här President, markéieren ech den Accord vun de Piraten fir dëse Projet, well mer der Meinung sinn, datt d'Kontinuitéit wichteg ass an datt mer sollten dëst Schouljoer esou gutt wéi méiglech op en Enn bréngen.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Ganz gutt.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Educationminister Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Merci. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e grouse Merci un de Rapporteur an och un déi aner Intervenanten. Jo, mir perenniséieren hei nach eng Kéier e Spezialregim bis de 15. Juli, bis d'Enn vum Schouljoer, dee mer och iwwert d'Reglement vum État d'urgence a Kraaft gesat hunn, well mer e brauchen, well mer momentan eeben anschters musse fonctionéieren an der Schoul, an der Kannerbetreierung, well de Virus jo awer nach ëmmer present ass, eisen Alldag bestëmmt an eeben och de Schoulalldag an den Alldag an de Betreuungsstrukture matbestëmmt.

Sécherlech kann een, wann een herno nach eng Kéier zrëckkuckt, dat eent an dat anert hei kritiséieren. Sécher hu mer och déi eng oder déi aner Erkenntnis gewonnen am Laf vun deene leschte Wochen, andeems mer dat heiten organiséiert hunn. An ech sinn eigentlech gespaant an ech waarden nach ëmmer op deen, dee vu sech selwer ka behapten, hien hätt de 16. Abrëll oder iergendwa virun der Covidkris gewosst, wéi een dat doten alles géif zur Perfektioun maachen a wat een zu wat fir engem Zäitpunkt da wéini hätt missen a Kraaft setzen.

Mir hunn hei eng eemoleg Situatioun, eng total aussergewöhnlech Situatioun, mir hu mat absolutt aussergewöhnleche Moosssnamen musse dorobber reagéieren. An d'Resultat ass dat, denken ech, wat zielt, an dat ass awer remarkabel.

Et ass remarkabel, datt mer et zesumme fäerdegbruecht hunn, datt mer eent vun deene weinege Länner an Europa sinn, wou all Kand gläichermoossen an d'Schoul geet, wou all Kand gläichermoosse vun där selwechter Bildungsoffer ka profitéieren. Dat ass nach net déi, déi mer gären hätten, dat sinn nach net déi 100 %, wéi dat a regulären Zäiten ass. Mee all Kand kënnt all zweet Woch gläichermoossen an d'Schoul.

Vu villen anere Länner, wësse mer, datt emol e puer Klassen zrëckgeruff goufen, datt d'Ofschlossklassen zrëckgeruff goufen, datt d'Iwwergangsklassen zrëckgeruff goufen, datt vläicht am Fundamental dann déi, déi an den nächste Cycle géife kommen d'nächst Joer, zrëckgeruff gi sinn. Mee ganz vill anerer sinn eigentlech do nach guer net an d'Schoul komm. Wann ech an eenzelnen däitsche Bundesländer liesen, datt et d'Zil ass, datt all Kand nach zwee Deeg Schoul bis zur Sommervakanz soll kréien, dann, denken ech, ass et remarkabel, wat mir hei zesummen, d'Schoulen, d'Enseignanten, d'Direktiounen, an awer och virun allem am Fundamental d'Gemengenautoritéiten, fäerdegbruecht hunn. Dat soll awer och emol eng Kéier ënnerstrach ginn! An et gëtt do sécherlech ëmmer nach Saachen, déi mer, wa mer déi nächst Covidkris eng Kéier sollte kréien, nach kënne besser maachen. Dat ass wuel och ganz, ganz kloer!

Ech wëll kuerz op een Aspekt agoen, deen hei ugedeit ginn ass: Dat ass, wéi wa Raimlechkeeten elo momentan géife genotzt ginn, wou d'Sécherheet net garantéiert wär. Dat ass net esou! Mir hunn hei op Raimlechkeeten zrëckgegraff, wou d'Sécherheet schonn op eng aner Manéier eng Kéier, nämlech fir aner Aktivitéiten, fir sportlech Aktivitéiten, fir assoziativ Aktivitéiten, fir kulturell Aktivitéiten, garantéiert gouf. A wann een do elo mat e puer Schüler dra Cours hält oder e puer Schüler dran animéiert, denken ech, misst dat jo awer och ze verkraafte sinn.

Duerfir wëll ech dat awer nach eng Kéier ganz kloer ënnersträichen, datt dat sécherlech néie-

rens stattfënnt, datt mer an iergendengem Raum momentan Schoul halen oder Betreierung assuréieren, wou d'Sécherheet fir déi Aktivitéit do net ze veräntwert wär.

(Interruption)

Ee Wuert vläicht och nach zu der Fro vun der Steierfräiheet vun deenen eenzelnen oder vu spezifesch Studentekontrakter hei. Dat ass effektiv, esou wéi d'Djuna Bernard gesot huet, eng Demande gewiescht vun der Federatioun vun den Träger vun de sozioeducativen Aktivitéiten, der FEDAS. A mir hunn deem Rechnung gedroen, well si schonn d'Suerg haten, datt, wa mer dat doten net maachen, mer vläicht e Problem kréichen, fir hei elo genuch Jonker ze mobiliséieren.

Et gëtt elo e bëssen duergestallt, an dat wonert mech eigentlech hei, et gëtt duergestallt, wéi wann et eng ongläich Behandlung wär zugonschte vun deene Jonken, déi eeben an deem dote Beräich schaffen, déi da vun där Steierfräiheet do kéinte profitéieren. Mir wëssen, datt et op där anerer Säit momentan och Tariffer gëtt, déi méi héich sinn, déi momentan och fir Studente bezuelt ginn.

Hei ass et net drëms gaangen, datt jiddweree lo momentan d'selwecht bezuelt gëtt. Mee mir hu Regimier, un déi mer eis awer mussen halen. Et gëtt eeben dee Regimm fir wann ech an d'Schoul ersetze ginn, an da kréien ech deen Tariff, deen een normalerweis kritt, fir an der Schoul ze ersetzen. An déi, déi moies bei der Éducation nationale momentan do hëllef kumm sinn, déi hu grosso modo déi selwecht Bestëmmungen a Konditiounen missen erfëlle wéi déi, déi normalerweis bei d'Éducation nationale an d'Grondschoul ersetze ginn, an déi hunn duerfir och dee selwechte Kontrakt kritt, mat där selwechter Karriär dorunner a mat deem selwechte Loun dorunner.

Déi, déi bei d'Gemengen oder bei déi aner Träger vun de Maison-relais elo hëllef gaange sinn, déi kréien dee Kontrakt, dee Studenten eeben do an der Reegel kréien. A well dee méi niddreg ass, war ech och domadder d'accord, fir mat der Regierung ze schwätzen, a virun allem mam Pierre Gramegna ze schwätzen, datt déi hei eeben net och nach misste Steieren drop bezuelen, wat jo normalerweis net de Fall ass a Studentekontrakter. Mee well mer dee jo exceptionnellement hei méi laang virgesinn hunn, fir déi ganz Period kënne ofzedecken, an och vun de Stonnen hier méi e grouse Volume virgesinn hunn, wollte mer do déi ongläich Behandlung iergendwéi kompenséieren.

An et ass elo einfach fir ze soen, do misst elo jiddweree d'selwecht behandelt ginn. Ech denken, domadder géif een awer sécherlech och soen, datt mer dat, wat momentan iwwert d'Croix-Rouge, iwwert d'Caritas, iwwer Arcus a ganz vill aner Plaze vu privatrechtlechen Träger organiséiert gëtt an der Kannerbetreierung, quasi misste verstaatlechen, wa mer gären hätten, datt dat alles dat selwecht d'Personal wär a mer et dann och géife wéi an der Éducation nationale bezuelen. An ech denken, datt dat net d'Motivatioun wär vun där Fuerderung. Duerfir soll een do vläicht och e bësse méi differenziéiert virgoen.

Ech mengen och, datt ee sech et e bëssen einfach mécht, fir elo ze soen, hei wäeren all d'pedagogesch Iwwerleungen iwwer Bord gaangen. Ech verteidegen net, datt mer d'Gruppen trennen. Ech verteidegen net déi Sterilitéit, déi mer momentan an der Schoul hunn, an datt d'Kanner sech eigentlech net méi kënne fräi ausliewen, hire Beweegungsdrang zum Beispill net kënne fräi ausliewen.

Mir wëssen awer, firwat mer dat hunn. Mir wëssen, datt mer et nach ëmmer wéinst dem Covid-19 maachen an net wéinst soss iergend-eppes. An ech hunn awer genuch Vertrauen an déi professionell Acteuren, an d'Léierpersonal an de Schoulen, an d'Educateuren an de Maison-relais, a jiddweree do, datt en an deem méi rigide Kader et fäerdegbréngt, dach der Pädagogie hir Plaz ze ginn, datt en et awer fäerdegbréngt, elo sënnvoll Aktivitéiten ze maachen.

Ech hunn dee ganze Moie mat Enseignantë geschwat - dee ganze Moien! -, an déi hu mer eigentlech alleguerde gesot, wéi flott a wéi wäertvoll et eigentlech och ass, momentan an deene kleng Gruppen ze schaffen, wat fir e Benefiss dat huet, fir eeben och do emol eng Kéier, grad no där laanger Covidzäit doheem, kënne an d'Kanner anzegoen a se wierklech individuell ze betreiwen an ze encadréieren. An da kann ee sech jo awer elo net hei virstellen, wann dat de Feedback ass vum Terrain, vun den Enseignanten, déi elo momentan all Dag mat de Kanner schaffen, heihinnerzekommen an ze soen, all pedagogesch Iwwerleung wär do iwwer Bord gaangen!

Ech wëll natierlech betounen, datt, och wann dat esou flott ass an esou gutt ass, momentan a kleng Gruppen ze schaffen, mer nach

ëmmer nëmmen an der Situatioun sinn, datt d'Schüler nëmmen all zweet Woch kënne kommen. Duerfir wär ech frou, wa mer mat den Acteuren - a mir haten de Mëtten de Syvicol begéint, de Moie vill Enseignantsgewerkschaften, Direktiounen an och anerer - et géife fäerdegbréngen, dach virum Enn vun dësem Schouljoer nach eng Kéier d'Kanner alleguerde beieneenzekréien, wa mer et géife fäerdegbréngen, datt d'Klasse sech erëm géifen zesummeefannen, datt A- a B-Gruppen dach zur selwechter Zäit erëm bei hirem Enseignant an engem Klassenall wäeren.

Ech weess, datt dat, wann och sécherlech net komparabel mat deem, wat mer rwell fir de 25. Mee hu misse leeschten, dach awer nach eng Kéier déi eng oder aner Ustrengung vun de Gemengen, vun den Enseignanten, vun de Ministèreservicer a vun den Direktiounen wäert verlaangen. Mee trotzdeem mengen ech, datt et derwäert wär. Trotzdeem denken ech, datt mer deen dote Schrëtt a Richtung Normaliséierung vun der Education awer elo sollte goen.

Ech froe mech d'ailleurs: Wéini sollte mer en da goen? Well vill manner Infektiounen, wéi zwou oder dräi den Dag wäerte mer warscheinlech net kënne kréien. Wa mer deen dote Schrëtt net elo maachen, weess ech eigentlech net méi, wéini datt mer e kënne maachen.

Ofschléissend, Här President, wëll ech nach just eng Kéier ënnersträichen: Et si ganz vill gutt Proposen elo scho komm, wat alles esou immens gutt gewiescht wär an dëse Wochen. An ech menge schonn, datt een do soll draus léieren, datt een dat och mat Recul iergendwann eng Kéier soll analyséieren. Do gëtt vum Horaire geschwat. Awer och vum Digital Learning gëtt geschwat. Wéi konnte mer eigentlech d'Aufgaben opdeelen à distance? Wat kënnen d'Schüler doheem maachen? Wéi kënne mer se och op Distanz iwwer nei digital Outilen dach ganz gutt encadréieren?

Mee dat soll een net an der Kris maachen. Dat soll een net während der Kris maachen. Dat soll een net ënnert dem Androck vun der Kris maachen! A wa mer dat heiten, wat mer elo nach konkret virum eis hunn, geschëllert hunn, dann, mengen ech, soll een duerno eng Kéier ganz konkret kënne de Réckbléck maachen a kucken, wat fir eng Léiere mer gezunn hunn a wat mer hei eigentlech dach konnte feststellen, wat misst perenniséiert ginn. Mee bis dohinne hu mer awer nach munnech Aarbechte virum eis a munnech Hürd ze huelen.

Villmools merci.

► **Mme Lydie Polfer** (*DP*).- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Meisch. Dann nach Parole après ministre fir den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Jo, villmools merci, Här President. Ech soen och dem Här Minister Merci fir déi Explikatiounen, déi en eis ginn huet.

Ech wollt trotzdeem nach eng Kéier op déi Fro vun der Sécherheet vun de Kanner zrëckkommen. Ech huelen zur Kenntnis, an dat ass jo och esou an deenen Dokumenter, déi mer kritt hunn, datt déi verschidden Installatiounen, wou d'Kanner elo sinn, iergendwéini eng Kéier sécherheetsméisseg iwwerpréift goufen. Awer d'Fro ass: Wann iergendeng Installatioun vläicht fir kulturell oder sportlech Zwecker ofgeholl gouf, da stellt sech nach ëmmer d'Fro, ob se da géiegent ass, fir do mat kleng Kanner ëmzegoen. Do sinn aner Besoinen, aner Virschrëften, och am sanitäre Beräich.

Fir just am sanitäre Beräich ee Beispill ze nennen, wat och e bëssen Onrou ëmmer ervirriff, datt ass d'Lëfte vun den Zëmmeren, vun de Klassenzëmmeren. Dir wësst, datt d'Experten um Radio soen, et wär wichteg, datt do ëmmer geléift gëtt. An a Wierklechkeet kréien d'Enseignantë mol net ëmmer de Schlëssel, fir d'Fënsteren opzemaachen.

Also ech mengen, et sinn einfach Problemer an deene Raimlechkeeten do. An d'Argument ass, jiddefalls eiser Iwwerzeegung no, datt et net duergeet, datt e Kulturzentrum oder eng Sportshal eng Kéier ofgeholl gouf fir d'Besoinen vun Erwuessenen, wa se elo solle fir eng ganz aner Kategorie vu Leit mat anere Sécherheetsproblemer genotzt ginn. An do soe mir: „Do ass eng Lacune!“

Ech soen Iech Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech ginn d'Wuert zrëck un den Educationminister. Nee? Dann ass d'Diskussioun domat ofgeschloss.

Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7588. Den Text steet am Document parlementaire 7588*.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7588 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech elo den Appel nominal fir de Vote par procuration. Wien e Vote par procuration wëllt ofginn, soll d'Hand an d'Luucht hiewen, wannechgelift.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi mat 36 Jo-Stëmmen, 4 Nee-Stëmmen an 20 Abstent-iounen ugehall.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7588 est adopté par 35 voix pour, 4 voix contre et 21 abstentions.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

3. 7604 - Projet de loi portant dérogation :

1° aux chapitres 2 à 3quater de la loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale ;

2° à l'article 5 de la loi modifiée du 10 juin 1980 portant planification des besoins en personnel enseignant de l'enseignement secondaire

Den zweete Punkt vun eisem Ordre du jour vun de Mëtten ass de Projet de loi 7604, eng Upassung vun der Ausbildung a vun der Bewäertung vum Léierpersonal, dat sech am Stage befënnt. An ech ginn d'Wuert direkt un de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Baum.

Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

► **M. Gilles Baum** (*DP*), *rapporteur*.- Merci, Här President. Esou wéi Der et scho gesot hutt, geet et hei ëm déi jonk Enseignanten, déi nach am Stage vun zwee Joer sinn an déi och net all hir Formatiounen an all hir Projete konnten duerchzéien, well eis Schoulen eng Zäit laang zou waren.

Konkreet ännere mer zäitweileg d'Gesetz vum 30. Juli 2015 betreffend d'Organisatioun vum IFEN an och d'Gesetz vum 10. Juli 1980 iwwert d'Planification des besoins u Léierpersonal am Secondaire, dëst awer natierlech zäitlech begrenzt.

Et geet also ëm eng Rei Upassunge vun der Formatioun an der Bewäertung vum Léierpersonal, dat nach am Stage ass. Och si sollen d'Méiglechkeet kréien, hir Formatioun propper ofzeschlëssen an och eng qualitativ héichwäerteg Formatioun vun hire professionnelle Kompetenze garantéiert ze kréien.

Andeems mir dës Upassunge virhuelen, suerge mer derfir, dass d'Léierpersonal trotz de Krisenzäiten esou gutt wéi méiglech ausgebild ka ginn. An dat kënnt och eise Kanner zegutt, déi weiderhi vun enger héichwäerteger schoulescher Bildung profitéiere kënnen.

Esou gëtt de Formatiounszyklus am Ufank vun der Karriär adaptéiert, verschidden zertifikatив Epreuve ginn a formativ Epreuves ëmgewandelt, den theoreeteschen an de verdéiwende Programm ginn ugepasst an déi obligatoresch Formation continue vun 48 Stonnen an den dräi éischte Joer gëtt ëm dräi Méint verlängert.